LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

22. Juli 2020

Un d'Beneficiairë vun Hëllefs- a Fleegeleeschtungen an un hir Famill

Madamm, Monsieur,

Léif Famill,

D'Neiinfektioune vum Covid-19 ginn nees an d'Luucht an déi zweet Well vun Infektioune bréngt mat sech, datt mer alleguer méi oppasse mussen, fir eis vulnerabel Matmënsche beschtméiglech ze schützen.

Et ass nach net un der Zäit, net méi opmierksam ze si par Rapport zu der Pandemie. Am Géigendeel: et ass eis Responsabilitéit op d'Gesondheet an d'Sécherheet vun deene Persounen opzepassen, déi eis no stinn. Wa mer also bei eis Léifsten heem op Besuch ginn, dann ass et immens wichteg déi offiziell Gestes barrières anzehalen, grad eréi d'Sécherheetsbestëmmunge vum Prestataire. Och wann dës Mesuren eis beschwéierlech schéngen, musse mer se awer respektéieren.

Fir d'Direktere vun den Déngschter ass et wichteg, d'Beneficiairë vun Hëllefs- a Fleegeleeschtungen ze schütze virum Risiko vun enger Infektioun mam Covid-19, an hinnen trotzdeem, esou wäit wéi méiglech, Servicer unzebidden, déi un hir individuell Situatioun ugepasst sinn. Den Accueil an den Dagesfoyere gëtt och an deem Sënn organiséiert.

Mir wëllen all verhënneren, nei Moossname mussen ze ergräifen, esou wéi dat bei der éischter Infektiounswell de Fall war. Ech si sécher, datt mer zesummen de Virus a seng Verbreedung kënnen an de Grëff kréien, wa mer eis verantwortungsvoll verhalen a wa mer eis alleguer strikt un d'Gestes barrières an d'Sécherheetsbestëmmungen halen, déi d'Direkteren ausgeschafft hunn. Et geet em d'Gesondheet an ëm d'Sécherheet vun eise Léifsten a vun hirem Ëmfeld.

Merci fir Är Mataarbecht an Äert Versteesdemech.

Mat léiwe Gréiss,

Corinne Cahen
Ministesch fir Famill an Integratioun